Deel, an dass mer iwwer aner Finanzéierungsméiglechkeeten an deenen nächste Joren déi Investitioune wäerte misse finanzéieren.

Mir hunn och zum Beispill ëmmer dovu geschwat, dass ee kéint vun engem Fong iwwer Rente schwätzen, mer wëssen awer, dass d'Rentekeesen aus dem Privatsecteur esou héich Reserven hunn, dass souguer aner Leit Gloscht a Loscht drop kréie periodesch un déi Reserven ze goen. Wann de Stat net méi genuch Suen huet, kéint een zum Beispill soen, et kéint een och e Fong maache fir de Forfait d'éducation ze finanzéieren.

En anere Fong, deen een hätt scho vläicht kéinten éischter maachen, wou et awer elo ze spéit ass fir en ze maachen, dat ass e Fong iwwert d'Nofolgekäschte vun enger ganzer Rei vu grousse Projeten, déi mer an deene leschte Jore gestëmmt hunn, realiséiert hunn oder amgaange sinn ze realiséieren an déi am Laf vun dësem oder vum nächste Joer ufänken; ech denken do un d'Philharmonie, un d'Coque-Hal, de Pei-Musée oder d'Rockhal, wou mer sécherlech wäerte grouss Nofolgekäschte kréien a wou mer och wäerte Problemer kréien, fir déi iwwer eise Budget kënnen ze finanzéieren. Mä et huet kee Wäert, dass een iwwer esou Fonge schwätzt, well einfach och elo déi Suen net do si fir esou Fongen ze maachen, mä d'Nofolgekäschte vun deene Projete wäerten eis schonn an deem nächste Joer um Budget schwéier ze schafe maachen.

Mir wäerten, wéi och an deene vergaangene Joren, dem Gesetz hei vun der Verdeelung vun de Plusvaluen net zoustëmmen. Mir sinn net an där Situatioun wéi meng zwee Virriedner, de Kolleeg Fayot an den Här Goerens, wou den Här Fayot respektiv d'Sozialisten och erëm an der Oppositioun am Fong géint dat Gesetz gestëmmt hunn. Bon, si sinn elo an der Majoritéit an elo musse se, obschonn de Rapport nach zu Oppositiounszäite gestëmmt ginn ass, dergéint stëmmen. An d'Kolleege vun der DP brauchen och nach eng Period bis se kënnen dergéint stëmmen - oder nach zwou, well och nach de Budget vun de Plus-valuen vun 2003, wann der kommen, musse se och nach eng Kéier matstëmmen - an da kréie se dann och eréischt d'Kéier fir kënne mat Neen ze stëmmen.

(Interruptions)

Dat ass nun eemol am politesche Spill esou, wann een d'Bänke wiesselt. Mir hu se net gewiesselt a kënnen duerfir eiser Ligne…

(Interruption)

…an déi Gréng…

(Interruption)

Mir si vun enger Säit op déi aner geréckelt, mä politesch, an der Oppositioun, hu mir se net gewiesselt, an duerfir kënne mir och eiser Ligne trei bleiwen a géint dëse Projet stëmmen.

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Et wollt keen lech mat an d'Regierung huelen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Ma anscheinend lech och net, Madame Brasseur.

(Hilarité)

Mme Anne Brasseur *(DP).-* Mä mir waren awer schonn dran, am Contraire zu lech.

(Interruptions)

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss, mat Ausnahm, dass d'Regierung nach net Stellung geholl huet. Ech géif den Här Budgetsminister bieden zu deem heite Projet elo Stellung ze huelen.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing gären dräi Remarquen zu dësem Projet maachen, a vläicht domat och dee Projet, deen duerno hei diskutéiert gëtt, op d'mannst wat dat Prozeduraalt ubelaangt, mat traitéieren.

Déi éischt Remarque, dat ass eng fir ze soen, datt wann dee Projet hei anescht ausgeséich, dat heescht wann de Budget, de Kont anescht ausgesinn hätt a mir hätten e groussen Defizit an deem Joer gemaach, dann hätt ech gäre gesinn déi Debatten, déi mir dann am Parlament geféiert hätten, da bräichte mer nämlech iwwerhaapt keng Debatt am Parlament iwwert d'Affektatioun vu Plus-valuen ze féieren; an ech soen dat virun allem dem Fraktiounspresident vun der LSAP, deem ech hei wëll an d'Buch schreiwen, fir ze soen, datt wann e Budget, e Kont en Iwwerschoss huet, dann ass dat schonn d'Resultat vun enger gudder Exekutioun vun engem Budget, well soss schléisst de Budget of mat engem Defizit. An duerfir, déi Sätz, déi den Här Fayot hei gesot huet, déi liesen ech lech déi nächst 5 Joer all Joer vir.

Egal op wat fir enger Bänk ee sëtzt, wann e Budget, an dorobber si mir stolz als Regierung, och wann dat déi viregt Regierung war, dat gëllt nämlech fir all Regierung, wann e Budget, e Kont ofschléisst mat engem Iwwerschoss, dann ass dat d'Resultat vun enger gudder Exekutioun vun engem Budget, well soss hätt ee méi Suen ausgi wéi déi, déi rakomm sinn. An dat reflektéiert och politesch Prioritéiten, wa mir hei déi Suen affektéieren, well alles wou een déi Suen hisetzt an déi Fongen ass fir domadder gewësse Projeten ze realiséieren, an duerfir ass dat schonn e Reflet vu politesche Prioritéiten.

(Coups de cloche de la Présidence)

Ech mengen, mir solle frou doriwwer sinn, datt mir de Kont 2002 mat engem Iwwerschoss konnten ofschléissen, an datt mir heimadder kënnen eng Rei Politikberäicher maachen, déi, mengen ech, heibannen iwwert d'Fraktiounsgesetz eraus net zu Contestatioune féieren.

Dat Zweet ass eng Observatioun iwwert de Kont vum Joer 2003, well och deen huet mat engem Iwwerschoss ofgeschloss, entgéint den Erwaardungen. Fir lech also ze soen, datt all déi Exercicë mat engem Iwwerschoss ofgeschloss hunn, trotz enger méi schwiereger ekonomescher Situatioun, op déi hei e puer Riedner agaange sinn. An och dat schéngt mir wichteg an och déi Sue musse mir affektéieren.

Den Iwwerschoss vum Joer 2003 beleeft sech op 79 Milliounen Euro an d'Regierung wäert der Chamber do proposéieren, 40 Milliounen Euro an de Fonds pour l'Emploi ze setzen an 39 Milliounen Euro an de Fonds de la Dette publique, well mir wëssen, datt mir virun allem d'nächst Joer erëm eng Kéier mussen e grousst Stéck vun deenen Obligations linéaires, deene berühmten OLUXen, déi viru Joren opgeholl gi sinn, rembourséieren. Duerfir ass et noutwenneg an duerfir wäert d'Regierung, well ee jo net wëllt an engem Budget en ze vill groussen Depensëpunkt hunn, den Excédent vun de Recettë vum Joer 2003 - Gott sei Dank hu mir och do en Excédent -, déi Affektatiounen un de Fonds pour l'Emploi an de Fonds de la Dette maachen.

Déi drëtt a lescht Remarque, déi ech wollt maachen, dat ass eng vun der Prozedur. Ech halen hei nach eng Kéier drop ze soen an der Chamber, datt déi Prozedur, déi mir hei ageféiert hunn an der leschter Legislaturperiod, eng ass, déi a mengen Aen, an den Ae vun der Regierung net zefriddestellend ass. Se kënnt un engem Moment, dee laang duerno ass vun der Realitéit a se forcéiert d'Regierung, nodeem d'Chamber dat heiten décidéiert huet, dann erëm eng Kéier de Kont ze änneren, well et ass esou, wann Dir haut d'Autorisatioun gitt, fir déi Suen do esou ze affektéieren, da musse mir mar ufänken de Kont vum Joer 2002 ofzeänneren, fir datt deen da kann an d'Chamber kommen an déi Suen do affektéiert sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech menge wierklech, datt mat Ausnahm vun eis heibanne kee Mënsch dobausse versteet, wat mir do amgaange sinn ze maachen, well dat einfach ze komplizéiert ass.

Ech wëll och nach eng Kéier d'Chamber drop hiweisen, ech hu gären all demokrateschen Débat an all parlamentareschen Débat, am Fong ass dat hei en Dépassement vun engem Kredit. Am Fong ass et ganz eleng an der Kompetenz vum Budgetsminister, fir en Dépassement de crédit ze maachen an déi Suen op déi Plazen ze iwwerweisen. Elo sinn ech d'accord, well déi Sommë grouss waren, datt een dofir an d'Chamber kënnt. Ech géing awer gären an der Finanzkommissioun oder am Plenum nach eng Kéier driwwer diskutéieren, ob déi Prozedur, déi mir virun 2 bis 3 Joer ageféiert hunn an duerfir e separat Gesetz ze maachen, wierklech eng gutt Prozedur ass. Also et kënnt ee sech och virstellen, datt een d'Affektatioun an engem Budgetsgesetz géing virgesinn.

Mir hu viru kuerzem e Budget déposéiert. Ech wollt dat dëst Joer net maachen, well ech gären ënnerstallt kritt hätt, datt ech dat géing am Budgetsgesetz mat drënner setzen, datt keen et géing mierken. Ech si frou, wa mir iwwer en Excédent diskutéieren, ech mengen, dat ass d'Resultat vun enger Politik, mä trotzdeem ass d'Prozedur iwwerméisseg komplizéiert, et dauert laang an déi, déi eis observéieren, nämlech déi, déi mir vertrieden hei an dësem Parlament, déi kréien net mat wat mir hei maachen, well dat déphaséiert ass. Mir stëmmen haut de Kont vun 2000, mir stëmmen d'Plus-valuë vun 2002, da musse mir nach eng Kéier zréckkomme mam Kont 2002, c'est très compliqué. Duerfir wär ech dankbar, wann d'Chamber, d'Finanzkommissioun en premier lieu, nach eng Kéier géing doriwwer mat eis eng Diskussioun féieren, wéi mir dat kënnen an Zukunft besser maachen.

Fir haut sinn ech frou, wann d'Chamber géing dës Affektatiounen esou stëmmen, fir datt mir kënnen déi Suen, déi mir an der Trésorerie hunn, un déi Fongen affektéieren an de Kont 2002 fäerdeg maachen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Chamber huet Äre Message héieren. Ech huelen och un d'Finanzkommissioun, Äre President, deen hei ass. Ech géif proposéieren, datt d'Finanzkommissioun doriwwer délibéréiert an der Regierung da matdeelt, wat hir definitiv Positioun ass.

Voilà, d'Diskussioun ass domadder ofgeschloss. Mir kommen elo zum Vote iwwert de Projet de loi, deen eis virläit.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5236 ass ugeholl mat 45 Jo-, 12 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Patrick Santer), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider (par Mme Lydie Err), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Anne Brasseur), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Charles Goerens), Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Projet fir haut de Mëtten, et ass dat d'Diskussioun vum Projet de loi 4938 iwwert d'Konte vum Exercice 2000. Et sinn ageschriwwen: déi Hären Haupert, Grethen, Fayot, Bausch a Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorable François Bausch. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

5. 4938 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2000

Rapport de la Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt dräi gutt Grënn, firwat mir an Zukunft net méi op déi do Aart a Weis d'Konte wäerten diskutéieren, wéi dat haut de Fall ass, et geet hei ëm den Exercice 2000, an déi dräi Grënn si folgend:

Dat Éischt ass, et ass dee leschte Budget, deen an ale Lëtzebuerger Frang libelléiert war.

Dat Zweet ass, et ass och déi leschte Kéier wou e Budget exekutéiert ginn ass laut de Regele vum ale Kontabilitéitsgesetz. Dir wësst, am Artikel 99 vum neie Kontabilitéitsgesetz ass et eng Iwwergangsbestëmmung ginn, déi gesot huet, datt bis den 1. Januar 2001 nach alles soll funktionéieren no den ale Regelen, bis datt déi nei Institutiounen, virun allem natierlech de Contrôle financier, en place wären. An et ass och esou gewiescht, datt jo eng Reform gemaach ginn ass vun der Chambre des Comptes, déi ëmgewandelt ginn ass an eng Cour des Comptes, an och déi huet eng Ëmstellungsphas gebraucht an huet duerfir fir den Exercice 2000 nach eigentlech de Rôle ageholl, wat d'Exekutioun oder de Contrôle vun der Exekutioun vum Budget ubelaangt vun där aler Chambre des Comptes. Dat heescht, si huet haaptsächlech d'Visae vun den Ordonnances de paiement kontrolléiert.

Deen drëtte Grond, Här President, ass schonn de Mëtteg hei ugesprach ginn, dat ass, datt mir d'Joer 2000 ofgeschloss hu mat engem enormen Excédent budgétaire op der Recettësäit. Ech wëll mech och entschëllegen, Här Haupert, mir haten eis e bësse falsch verstane virdrun, ech hunn den Excédent vun de Recettë verstan an Dir hutt d'Plus-valuen, insgesamt d'Nettoresultat gemengt. Dir hutt natierlech Recht, mä ech hunn och Recht, well ech mech verstanen hunn.

(Mme Anne Brasseur prend la Présidence)

Also et ass wéi gesot déi leschte Kéier, op alle Fall bis op weideres, wou mer wahrscheinlech e Budgetsjoer konnten ofschléisse mat esou engem wahnsinneg héijen Excédent bei de Recetten. Ech wëll elo net am Detail op all déi Zuelen agoen, déi fannt Der jo am Rapport. Ech wëll och duerfir nëmmen déi eraushuelen, déi wichteg sinn, an dat ass nun eemol op der Recettësäit, well do d'Zuelen, d'Gesamtzuele staark variéiere par rapport zu deem wat am Budget definitiv festgeschriwwe war.

Mir hu bei de Recettes ordinaires een Excédent gehat vun 18,8% oder ëmgerechent 35.085.238.000 al Lëtzebuerger Frang, an am Budget extraordinaire en Excédent och vun 18,40%, wat 27.611.863 al Lëtzebuerger Frang ausgemaach huet. De Gros also kënnt bei deene Recettes extraordinaires oder supplémentaires. Déi si méi héich ausgefall natierlech duerch d'Recettes ordinaires an natierlech haaptsächlech um Niveau vun den direkten an den indirekte Steieren.

Bei den direkte Steieren hu mer iwwer 9 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang méi Recettë gehat a bei den indirekte Steiere bal 18 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang. Bei de Recettes extraordinaires resultéiert dee Supplément eigentlech op engem Produit de vente vu verschidde Gebaier, wou mer méi erakritt hu wéi dat geschätzt gi war an am Budget agedroe gi war.

Um Niveau vun der Dépensësäit - ech mengen op d'Recettësäit an déi héich Plus-valuen, déi mer gemaach hunn, kommen ech zum Schluss nach eng Kéier zréck bei eng vun de Kritiken, déi d'Kommissioun och festgehalen huet am Rapport. Déi baséiert och op enger Kritik, déi de Conseil d'État schonn 1996 gemaach huet, duerfir kommen ech dorobber zum Schluss nach eng Kéier ze schwätzen. Ech wëll fir d'éischt iwwert d'Dépensë schwätzen a virun allem natierlech déi Saachen erausträichen, déi och e gréissere Stellewäert hunn.

Dir wësst et, de Contrôle financier interne huet nach net funktionéiert an, wéi gesot, d'Cour des Comptes huet d'Ordonnance des paiements, de Visa gemaach, dat heescht déi Liquidatioune kontrolléiert. Dat waren der 194.911 am Cours vum Exercice 2000. Bei 3.898 Stéck sinn Observatioune gemaach gi vun der Cour. Et ass awer esou, datt et sech bei deenen Haaptdéfaillancen, déi do festgestallt gi sinn, bei der absoluter, gréisster Unzuel vun deenen Observatiounen éischter ëm Erreurs matérielles gehandelt huet, déi duerno redresséiert gi sinn, dat heescht, déi eigentlech och net Ulass ginn zu gréissere politesche Kommentaren.

Et ass och esou, datt eng ganz Rei Ordonnance-de-paiementen eréischt no der Clôture vum Exercice, dat heescht nom 15. Mee 2001 virgeholl gi sinn, wat och ze kritiséieren ass. Dat waren der 2.410 un der Zuel, respektiv 165 Milliarden aler Lëtzebuerger Frang. Virun allem ass och festzestellen, datt par rapport zu deenen Exercicë virdrun do d'Unzuel vun deene Clôturen, vun deenen Ordonnances de paiement staark zougeholl huet, dat heescht datt déi 49,56% an der Zuel zougeholl huet a virun allem och wat de Chiffer vun den Dépenses liquidées ubelaangt ëm 74,79% gestigen ass.

Speziell Bemierkunge muss ee maachen zu enger ganzer Rei Punkten. Deen éischten ass e leidegen, dee kenne mer, fir déi, déi scho méi laang an dëser Chamber sinn, zënter datt se an där Chamber hei sinn. Dat betrëfft d'Marchés-publics-Gesetz, dat op verschidden Niveauen net agehale

gëtt, speziell natierlech datt an der grousser Zomm op Marchés de gré à gré zréckgegraff gëtt, déi dann eréischt ex post vum Conseil de Gouvernement regulariséiert oder autoriséiert gi sinn, wat natierlech total contraire zum Gesetz ass.

An och do ass festzestellen, datt dat net nëmmen e leidege Problem ass, dee mer schonn zënter laangem kennen, mä datt deen an der Zuel och immens zougeholl huet. Zum Beispill wëll ech lech just drop hiweisen: 41 Stéck waren et nach 1999 an am Exercice 2000 sinn et der 75. Dat ass wierklech substanziell ëm wéi vill déi Autorisatioune fir Marchés de gré à gré ze maachen, déi ex post eréischt vum Conseil de Gouvernement geholl ginn, zougeholl hunn, an dat ass natierlech eng Situatioun, déi intolerabel ass. Et muss een awer derbäi soen, datt mer an der Budgetskontrollkommissioun an deene leschte Joren duerno bei eenzelne Spezialrapporte vun der Cour des Comptes och am Detail schonn doriwwer diskutéiert hunn an do och Besserung versprach kritt hunn.

Da kommen e puer eenzel Saachen, déi erausgestrach ginn. Déi Éischt betrëfft de Ministère de la Défense. Do sinn zwou Décisioune vum Conseil de Gouvernement geholl ginn, och ex post, fir Achaten ze regulariséieren, déi engersäits „vêtements de sport“ betraff hunn, an enger Héicht vun 886.750 ale Lëtzebuerger Frang - mat deenen ale Lëtzebuerger Frangen an Euroe kënnt een awer nach ëmmer duercherneen.

An dat Zweet ass e Material fir Kraafttrainingsmaschinnen, och an der Héicht vun 466.072 Frang, an do ass et esou, datt déi Argumentatioun, déi do ugefrot ginn ass vum Ministère de la Défense, nämlech datt eng gewëssen Urgence bestanen hätt, fir dat do Material ze kafen, an och datt dat eng gewësse Spezifissitéit hätt, natierlech net ka gëlle gelooss ginn, an d'Kommissioun ralliéiert sech och op déi Kritiken, déi do gemaach gi sinn.

Da kënnt e Poste vum Ministère de l'Éducation. Do ass e Marché de gré à gré mat méi Fournisseure gläichzäiteg ofgeschloss ginn, fir informatescht Material ze kafen an der Héicht vun 99.500.000 aler Lëtzebuerger Frang. Och do war d'Motivatioun, engersäits hätt eng gewëssen Urgence bestan an et wier och drëms gaange fir eng gewëssen Homogenitéit ze kréie bei deem Optrag, deen do vergi ginn ass, d'Giddergesetz. Och do seet d'Cour, datt déi Argumentatiounen net justifiéiert sinn, a si verweist dorop, datt och dee Ministère sech an Zukunft misst un d'Spill vun der Konkurrenz um Marché halen an do en anere Wee aschloe misst. An et ass och ze soen hei, deen éischte Ministère sougutt wéi deen heiten hu versprach, sech an Zukunft dorunner ze halen.

Da kënnt e Problem, deen den Ausseministère betrëfft. Do geet et ëm de Paiement vun Assurancëprimen, wou d'Cour des Comptes der Meenung ass, datt de Stat fir Mobilier, deen en huet, och am Ausland, eigentlech säin eegenen Assureur muss sinn, an datt se eigentlech a Fro stellt, ob dat legal ass, datt do privat Prime-d'assurancen ofgeschloss ginn. An da seet se, zumindest wann Assurances multirisque ofgeschloss ginn, fir Ambassaden zum Beispill am Ausland, fir Mobilier an Ambassaden am Ausland, datt déi nëmmen dierften dee Mobilier couvréieren, deen och wierklech dem Stat geheiert, an net de perséinleche Mobilier vum Chef de poste.

Da kënnt dee Punkt vum Centre pénitentiaire. Do geet et ëm d'Bestellung vu Liewensmëttel, déi natierlech nëmmen eng gewësse Liewensdauer hunn, dat heescht, séier verfalen, an déi um Datum wou Alimentairë bestallt gi sinn, do wou de Seuil natierlech och e puermol iwwerschratt ginn ass, wou hätt missen e Marché public gemaach ginn, a wou an deem heite Fall den zoustännege Ministère argumentéiert, datt, well et eben hei sech ëm Liewensmëttel handelt, déi relativ séier verfalen, eng gewëssen Urgence do war an duerfir ee sech net ëmmer kënnt un d'Marché-publics-Gesetz halen. Do ass en Accord fonnt ginn tëschent der Cour des Comptes an deem zoustännege Ministère, datt natierlech dat kéint gemaach ginn, mä awer datt dee Seuil vun 100.000 Lëtzebuerger Frang misst agehale ginn, an et ass och gutt versprach gi vun deem Ministère fir an Zukunft sech dorunner ze halen.

Da kënnt ee Poste vum Ministère de la Promotion féminine, wou et drëms gaangen ass, eng Publicitéitscampagne ze maache fir d'Promotioun vun Action-positiven ze maachen, dorop hinzeweisen, datt een där soll maachen a wat fir eng Méiglechkeeten datt een do huet. Och do ass e Marché de gré à gré ofgeschloss gi mat enger Lëtzebuerger Agence de publicité an der Héicht vun 1.426.000 al Lëtzebuerger Frangen, an do ass d'Motivatioun och net akzeptéiert gi vun där Cour, well d'Motivatioun war déi, datt et sech hei géing ëm en Objet artistique handelen an duerfir kënnt een duerchweegs hei op de Marché de gré à gré zréckgräifen. D'Cour huet dat eiser Meenung no zu Recht awer esou gesinn, datt déi Motivatioun „artistique“, loosse mer emol esou soen, déi do ugewannt ginn ass, hei net kann ugewannt ginn. An och dee Ministère huet versprach, an Zukunft dann aneschters ze handeln.

Da kënnt een deen de Centre universitaire betrëfft. Dat ass e bësse méi eng problematesch Geschicht. Do geet et ëm e Montant vun 23.573.000 aler Lëtzebuerger Frangen. Et geet hei ëm eng Konventioun, déi „avec des établissements d'enseignement supérieur dans l'intérêt de l'exécution de projets pédagogiques“ ofgeschloss ginn ass. Dat betrëfft de ganzen Article budgétaire 03.033.011 vum Budget vun deem Joer. Wat virun allem do ze kritiséieren ass, dat ass datt d'Pièce-justificativë gefeelt hu beim Ofschloss an datt hei awer festgestallt ginn ass, datt trotz engem Rappel, also engem Bréif, deen d'Cour geschéckt huet un de Ministère, weder eng Äntwert op de Bréif komm ass nach d'Pièce-justificativen nogeliwwert gi sinn.

Dat ass eppes wat sécherlech méi wéi critiquable ass, an do misst ee vläicht kucken, och elo wann een iwwert d'Konte vun deene Joren duerno diskutéiert, ob een net nach eng Kéier dorobber kënnt zréckkommen, fir ze kucke wéi dat déi Joren duerno weidergaangen ass.

Da kënnt ee Problem, deen de Stroossebau betrëfft. De Stroossebau gëtt sécherlech an der Budgetkontrollkommissioun e gréisseren Objet vun Diskussiounen an deenen nächste Joren. Hei ass sou ee Beispill, wéi mer der wahrscheinlech nach vill wäerte kréien an deenen nächste Joren. Et geet hei ëm eng Association momentanée, déi 1991 gegrënnt ginn ass fir de Stroossenéchangeur zu Esch ze bauen, nämlech deen Echangeur, dee vun Diddeleng op Esch geet.

Do war e Budgetsmontant virgesinn, e Kredit virgesi vun 311 Milliounen aler Lëtzebuerger Frangen, respektiv 311.149.102 aler Lëtzebuerger Frangen. Zu där Association momentanée, zu där Konventioun do sinn 10 Avenanten duerno nach ofgeschloss ginn tëschen 1991 an 2000, an de Käschtepunkt vun deem Echangeur huet sech ëm iwwer 200 Milliounen erhéicht, fir dann herno op en Total ze komme vu 536.130.178 aler Lëtzebuerger Frangen, wat en Dépassant ausmécht vu 60% vum Käschtepunkt, dee virgesi war. Woubäi dann nach ze soen ass, dass heivunner 72 Milliounen nëmmen ex post vum Conseil de Gouvernement erlaabt gi sinn.

Dat sinn natierlech Zoustänn, déi iwwerhaapt net eiser Meenung no tolerabel sinn, a wou mer an der Kommissioun jo diskutéiert hunn, fir ze kucke lo an dësem Kader eppes ze maachen. Ech mengen, et muss ee wëssen, dat hei sinn natierlech alles Saachen, déi och nach baséieren op deem ale Kontabilitéitsgesetz, wou nach gewëssen Traditiounen, Transparenztraditiounen net sou bestanen hunn. Et wier, fir dat an d'Weeër ze leeden, mä ech mengen et ass awer gutt, dass am Rapport dat hei als Beispill och erausgestrach ginn ass.

Da kënnt nach als Ofschloss ee Kredit vun 12.516.417 aler Lëtzebuerger Frang; dee betrëfft Subventiounen déi gemaach gi sinn un 217 Lëtzebuerger Exploitanten, déi sech asetze fir d'Sauvegarde de la biodiversité dans le milieu rural. Virun allem ass do de Problem gewiescht, dass zu deem Zäitpunkt keng richteg Base légale do war. Déi Kreditter sinn ausbezuelt ginn no enger Décision ministérielle, an dann nach ex post. Do ass awer en Accord fonnt ginn tëschent der Cour an dem zoustännege Ministère. Do ass och dono légiféréiert ginn, fir dass do déi néideg gesetzlech Basis an Zukunft existéiert.

An der Konklusioun, Här President, ass et esou dass d'Kommissioun gär hätt, dass an Zukunft de Respekt vun der Législatioun vun dem Marché-publics-Gesetz a vum Prinzip vun der Libre concurrence applizéiert gëtt.

Zweetens, d'Kommissioun verlaangt, dass d'Regierung eng detailléiert Motivatioun virleet an Zukunft, wann Transferts exceptionnels virum 1. November vum Exercice budgétaire gemaach ginn.

Drëttens, an dem Gesetz ass ausdrécklech virgesinn, wann en Dépassement kënnt vun engem Budgetsartikel, deen e Crédit non limitatif ass, dass dann eng detailléiert Motivatioun misst virleien, dass dat an Zukunft soll agehale ginn.

Véierte Punkt, dat ass och en alen, leidege Problem, dee mer kennen - all déi zumindest, déi an der Finanzkommissioun zënter Jore sinn, kennen deen -; dat ass de Problem vun de Comptables extraordinaires. Do ass et jo sou, do ass de Gros vun deenen, wéi mer dat och an de leschte Joren ëmmer erëm erlieft hunn, déi hu beim Stéchdatum vum 30. Abrëll vum Exercice dono, dat heescht hei vum 30. Abrëll 2001 ni hir Comptes extraordinaires ofgeschloss an hir Konten eraginn. Beim Budgetsexercice vun 2000 waren et der vun deenen 116 och rëm eng Kéier 42.

Da kënnt een zweete Punkt, deen och deen do Ministère betrëfft, deen derbäikënnt, dee betrëfft d'Frais de route an d'Frais de séjour, wou Avancë gemaach ginn a wou eigentlech missten déi Avancen an dem Exercice selwer virun dem Ofschloss vum Exercice regulariséiert sinn, wat och net ëmmer gemaach gëtt. Mä och bei deenen do zwee Problemer - dat ass och en alen, do hate mer scho vill Diskussiounen an der Budgetskontrollkommissioun an der leschter Legislaturperiod - soll jo versicht gi mat deem zoustännege Ministère Léisungen ze fannen.

Leschte Punkt, Här President, ass d'Kritik, déi sougutt hei d'Kommissioun am Rapport iwwerholl huet, an dat ass déi, déi de Conseil d'État wéi gesot schonn 1996 gemaach huet, dat ass dass eigentlech, wann een e Budgetsexercice huet, wéi zum Beispill deen heiten, wou et enorm Plus-valuen ginn ass - also dat misst spille bei Moins-valuen, mä an deem heite Fall sinn et Plus-valuen an engem Exercice -, dass dann eng Analyse économique misst bäigeluecht gi bei de Konten, wouhier dass déi Plus-valuë kommen, respektiv duerch wat déi entstane sinn.

Ech fannen, dat ass eng ganz wichteg Saach, well et ass esou dass effektiv ee jo nëmmen da kann novollzéien, ob de Budget vu virera vun der Regierung a senger Wierklechkeet, also d'Recetten opgestallt gi si wéi se opgestallt gi sinn, oder ob et effektiv duerch äusser, net prévisibel Ëmstänn ekonomescher Aart de Fall war, firwat dass déi Excédent-budgétairen opgetratt sinn. Well wann een natierlech deen heite Fall kuckt, 28 Milliarde Plus-valuen an deem Joer, dat ass natierlech e gewaltege Chiffer. Do zumindest ass d'Kommissioun der Meenung, dass dat, wat de Conseil d'État 1996 verlaangt huet, nämlech eng Analyse économique iwwert d'Ursaache vun deene Plus-valuen, dass déi hei bei de Konten hätt misse bäigeluecht ginn.

Dat gesot, Här President, recommandéiert d'Kommissioun an hirer Majoritéit lech, dat Gesetz hei unzehuelen. Am Numm vu menger Fraktioun wäert ech duerno eréischt schwätzen, wann ech un den Tour kommen.

Ech soen lech Merci.

Mme le Président.- Den éischten agedroene Riedner ass den Här Haupert. Ech ginn dem Här Haupert d'Wuert.

Discussion générale

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Merci, Madame Presidentin. Ech mengen, den Här Bausch huet a sengem excellente Rapport, deem mëndleche souwuel wéi deem schrëftlechen, all déi Doléancë virgedroen, déi d'Cour des Comptes un der Exekutioun vun dem Budget hei gemaach huet.

Et muss ee wëssen, dass déi Konten, wéi se hei virleien, oder villméi dee Projet hei aus zwee groussen Deeler besteet. Engersäits hu mer d'Exekutioun vum Budget vun der Regierung an op där anerer Säit awer, ech ging soen dee wichtegen Deel, d'Remarquen, déi d'Cour des Comptes oder déi fréier Chambre des Comptes zu der Exekutioun gemaach huet. Wat déi ganz Exekutioun ubelaangt an all déi Remarquen oder souguer Kritiken, déi d'Cour des Comptes un der Exekutioun gemaach huet, betreffen awer méi d'Ausféierung a sech wéi d'Beträg, déi bei der Exekutioun net sollen agehal gi sinn.

Dofir vläicht meng kuerz Remarquen zu dësem Projet. Mol éischtens eng kleng Äntwert op dat, wat den Här Bausch hei virgeworf huet, wat déi ekonomesch Justificatioun vun deene Plus-valuen ubelaangt. Wann ee kuckt, wou déi Plus-valuë besonnesch hierkommen, da gesäit een, dass dat haaptsächlech op dem Plang vun de Steiere geschitt ass.

Et ass eng Plus-value do, déi mech zwar och iwwerrascht, dat ass déi déi op den Zënse gemeet gouf op de Fongen, déi am Dépôt vun der Trésorerie de l'État stinn. Datt mer do eng Plus-value vun 1,1 Milliard haten iwwerrascht mech, wou ech awer géing mengen, dass een Zënsen, déi een an engem Joer kéint kréien, vläicht méi genau kéint ausrechnen.

Mä bei all deenen aneren handelt et sech jo ëm steierlech Einnahmen, a wann ee bedenkt, dass mer an deene leschte Jore vum leschte Jorhonnert ëmmer eng Croissance économique haten, déi relativ héich louch, da konnt ee sech menger Meenung no net virstellen, dass een op eemol am Joer 2000 nach eng Croissance vun 9% géing kréien. Déi ganz steierlech Plus-valuen, déi mer hei réaliséiert hunn, sinn a Wierklechkeet op eng ekonomesch Croissance zréckzeféieren, déi ee menger Meenung no an deem Ausmooss, dee Moment wou de Budget opgestallt gouf, net konnt virausgesinn. Mä ech iwwerloossen et do dem Budgetsminister vläicht, fir Är Fro méi am Detail ze beäntwerten.

Dat wat ech awer besonnesch wëll hei ervirhiewen, dat ass dass trotz deene grousse Plus-valuen op där anerer Säit, op der Dépensësäit, de Budget awer mat enger relativ staarker Rigueur ausgefouert ginn ass. Mir hunn nëmmen am Fong geholl 5,1 Milliarde Méiausgaben am ordinäre Budget, a vun deene 5,1 Milliarden ass nach iwwert d'Halschecht op Gesetzer zréckzeféieren, déi mer am Laf vun deem Joer gestëmmt hunn, also Dépensen, déi bei der Opstellung vum Budget net konnte berücksichtegt ginn. Ech denken do besonnesch un den Accord salarial an dem öffentleche Secteur. Alleguer déi aner Dépassementer si relativ minim, mat Ausnahm vun engem, dat sinn d'Ausgabe fir den Accueil vun de Réfugiëën, wou d'Exekutioun vum Budget 550 Millioune méi ausweist wéi am Budget virgesi waren, mä dat war och eng Dépense, déi een net an deem Mooss menger Meenung no konnt virausgesinn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Am grousse Ganze géing ech awer mengen, dass mer mat der Ausféierung vun dësem Budget, mat deene Remarquen, déi d'Cour des Comptes gemaach huet, kënnen zefridde sinn. Ech géif och hei den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn. Merci.

M. le Président.- Merci, Här Haupert. Deen nächste Riedner, deen ageschriwwen ass, ass den Här Grethen, deen net hei ass, an hie gëtt remplacéiert duerch d'Madame Brasseur.

Dofir huet d'Madame Brasseur elo d'Wuert. Den Här Fayot kënnt direkt duerno.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Merci, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, den Exercice hei am Plenum ze maachen, fir d'Konten ze diskutéieren, déi e puer Joer zréckleien, ass e fastidieusen Exercice, an ech mengen den Här Bausch huet als Rapporteur dat ganz gutt gemaach, andeem en am Numm vun der Kommissioun déi Haaptpositiounen erausgegraff huet.

Wann een d'Chance hat, kënnen eng Aufgab an der Regierung ze iwwerhuelen, dann ass ee konfrontéiert mat där schwiereger Tâche dofir ze suergen, dass de Budget, esou wéi en hei votéiert gouf, och exekutéiert gëtt. A fir dat kënnen ze maachen, ass et awer relativ schwiereg, well engersäits, wann de Budget opgestallt ass, an ech mengen, dat kréie mer jo awer am Laf vun de Budgetsdiskussiounen, wann de Budget opgestallt gëtt, dat ass esou eng laang Zäit virdrun, dass een net schonn elo am Mäerz ka wëssen, wat ee bis Enn dës Jores drop am Dezember onbedéngt verbraucht, esou dass et schonn noutgedrongen zu Verschiebunge kënnt. Dofir ginn et jo d'Prozeduren, mä déi Prozedure mussen dann och agehale ginn, an do mierkt ee ganz oft, dass déi awer schwiereg sinn an dass et dann heiansdo un där néideger Rigueur happert.

Ech si ganz frou, dass mer elo lues a lues duerch déi Instrumenter, déi mer ons als Parlament ginn hunn duerch nei Gesetzgebungen, ëmmer méi no kommen, fir déi Exécution budgétaire méi genee ze suivéieren, an dass et dofir da manner zu Dérapagë kënnt. Et ass zwar heiansdo schwiereg d'Prozeduren unzewenden, well dat da mat der Realitéit net iwwereneeklappt. Mä dofir gëtt et jo dann och nach de passer-outre, deen e Minister ka maachen, andeem e muss einfach d'Responsabilitéit iwwerhuelen. Well mir kënnen net an d'Situatioun kommen, dass een, deen eppes geliwwert huet un de Stat, net bezuelt gëtt, well iergendwou e Prozedurfeeler ënnerlaf ass an der Administratioun, well do ass deen, deen d'Suen zegutt huet, jo bestëmmt net responsabel. Also muss de Minister da seng politesch Responsabilitéit huelen.

Duerch déi ganz Prozeduren, déi mer elo hu mam Contrôle financier, deen och gemaach gëtt an deene verschiddene Ministèren, hu mer et awer fäerdegbruecht vill méi Rigueur do eranzebréngen, an dat ass gutt, net nëmme fir de Législateur, et ass haaptsächlech gutt fir de Steierzueler, mä ech mengen et ass och gutt fir d'Membere vun der Regierung, well se domat kënnen an hire Ministèren dofir suergen, dass mat méi Rigueur all Prozedur ugewannt gëtt.

Meng Fraktioun, Här President, ass op jidde Fall ganz gäre bereet weider ze hëllefen an der Finanzkommissioun an an der Budgetkontrollkommissioun, fir ze kucke wéi mer nach weider kënnen dat verfeineren, ouni awer d'Effikassitéit a Fro ze stellen, well net dass d'Prozeduren esou laang ginn, dass et en fin de compte net méi fonctionnéiert.

Wat elo déi prezis Chiffere vun 2000 ubelaangt, do ass den Här Bausch am Detail drop agaangen. Do si verschidde Positiounen, dat soen ech och ganz kloer, an ech si selwer responsabel gewiescht fir eng vun deenen, dat ass kritikabel an et ass nëmmen ze wënschen, dass et an Zukunft där do Fäll manner gëtt. Ech wënschen op jidde Fall mengem Successeur an deem Amt, dass en net méi sech muss justifiéiere virun der Cour des Comptes, well ech muss soen, dat ass en Exercice deen net ganz flott ass an et ass een heiansdo à court d'arguments, mä dofir huet een dann d'politesch Responsabilitéit an déi muss een iwwerhuelen.

Ech wëll dann am Numm vu menger Fraktioun, Här President, den Accord bréngen zu dëse Konten a soen, dass wann ech den Här Grethen op dëser Tribün remplacéiert hunn, en huet mer Mandat dofir ginn, mä ech weess, wann hien déi Ried gehalen hätt, da wier dat bestëmmt am Toun anescht gewiescht, an och am Contenu, mä dat Wichtegst ass jo den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur, fir Är Ausféierungen. Den nächste Riedner ass den honorablen Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech hunn eigentlech deem wat de Rapporteur, den Här Bausch, hei virgedroen huet iwwert d'Konten, d'Aarbecht och vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire näischt bäizefügen. Hien huet dat ganz prezis an akribesch gemaach. Ech wëll hei wierklech och insistéieren op d'Wichtegkeet vun där Kommissioun.

Ech mengen de Fait, dass déi Kommissioun besteet, och am Kader vun deenen neie Prozeduren, déi mer ons ginn hunn, soll lues a lues awer zu méi Rigueur an der Exekutioun vum Budget féieren an och der Chamber d'Méiglechkeet ginn déi Rigueur ze iwwerwaachen. Et ass e wichtege Punkt an der Entwéckelung vun de parlamentaresche Geflogenheeten hei zu Lëtzebuerg, dass mer dës Kommissioun hunn. Ech hoffen och, dass mer déi Zesummenaarbecht, déi mer als Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire mat der Cour des Comptes hunn, weider esou hunn, wéi mer se an de leschte fënnef Joren haten, well d'Cour des Comptes ass fir ons e wichtegt Hëllefsinstrument. Hir Avisen, hir Rapporte si vun enger héijer Qualitéit an hëllefen der Chamber ganz bestëmmt ganz vill bei hirer Aarbecht. Ech wëll dat hei mat aller Däitlechkeet gesot hunn, well et am Intérêt vun der Parlamentsaarbecht u sech ass, dass déi Cour des Comptes mat ons zesummeschafft.

Eng zweet Remarque, déi ech wëll maachen, ass, dass mer et hei mat de Konte vun 2000 ze dinn hunn. Mir hunn déi Konten den 12. Abrëll 2002 a Form vun engem Projet de loi krut. Mir hunn de Rapport den 3. Mee 2004 ugeholl. Ech wëll hei kengem d'Schold zouschiebe fir dee laange Retard. Et kënnt ee bal mengen, si wär systemimmanent, well iwwerall hu mer hei oder do e puer Méint verluer. Mir hu ganz vill Méint verluer doduerch, dass mer op dem Conseil d'État säin Avis gewaart hunn, mä ech mengen awer trotzdeem, am Intérêt vun der politescher Aarbecht vum Parlament, am Intérêt och vun dem politeschen Interesse vun där Aarbecht wier et gutt, wann déi Aarbecht op de Konten esou no wéi méiglech bei dem Virleeë vun deene Konte wär, an ech mengen dat ass eppes wat mer an der Zukunft och nach musse verbesseren.

En drëtte Punkt, deen ech wollt maachen, mir hunn et, wéi scho gesot ginn ass, hei mat Konten ze dinn, déi wäit iwwert d'Zuele ginn, déi am Budget waren. Ech wollt dem Här Budgetsminister soen, no sengen Ausféierungen elo just, dass fir mech e gudde Budget een ass, deen esou wäit wéi méiglech och herno bei de Konten ass. Dat heescht, ech fannen et net extra als gutt Budgetspolitik, wann d'Konte wäit ewech si vun deem wat am Budget war. An dofir ware mer jo och als Chamber mat der Regierung d'accord, fir ons Datumen ze änneren, dat heescht fir vill méi no bei d'Joer ze komme fir dat wou de Budget soll gëllen, fir eben déi Prezisioun och an de Prévisioune vun den Ausgaben a besonnesch vun den Einnahmen ze kréien, fir dann eben och déi Rigueur eranzekréien, dat heescht de Budget an d'Konten esou no wéi méiglech beiëneen. Dat war natierlech am Joer 2000 net de Fall. Do kann ee vill driwwer diskutéieren.

Et ass ganz schwéier. Et ass hei gesot ginn: Well mer keng Analyse économique hunn, wéi dat konnt entstoen. Déi Diskrepanz tëschent dem Budget an dem Kont, mä dat ass awer eppes wat u sech, menger Ansicht no, net vun enger grousser Budgetsrigueur sprécht.

E véierten a leschte Punkt. Ech si selbstverständlech mat deenen Ausféierungen, déi am Rapport vun der Kommissioun stinn, a mat deene Remarquen, déi d'Kommissioun gemaach huet, d'accord. Mir hunn déi selwer matgedroen an där Budgetskontrollkommissioun. Mir wäerten ons bei dësem Vote iwwert de Projet, wat d'Konten ugeet, enthalen. Engersäits si mer net dergéint, well mer mengen, dass déi technesch Opstellung vun deene Konte kee Problem duerstellt. Mir erkennen déi technesch Aarbecht, déi do gemaach ginn ass, un. Selbstverständlech hu mer dee Budget net gestëmmt, kënnen also och déi Konten net stëmmen. Dat ass d'Explikatioun vun onser Abstentioun.

Mä, dat gesot, si mer selbstverständlech mat deene Remarquen, déi am Rapport vun der Kommissioun stinn, absolut d'accord, 100%eg d'accord. Mir hu se matgedroen, mä beim Projet de loi iwwert d'Exekutioun vun de Konten - et ass jo dat wou mer driwwer ofstëmmen - wäerte mer ons enthalen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Als leschte Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, am Numm vu menger Fraktioun wëll ech dorunner uknëppe wat den Här Fayot elo grad gesot huet, déi berühmte semantesch Fro do, ob een, wann een de Budget vun engem Joer net gestëmmt huet, dann herno och d'Exekutioun, also d'Konten, net ka stëmmen.

Ech muss dem Här Fayot soen, dass ech do anerer Meenung si wéi hien. Meng Fraktioun ass duerchaus der Meenung, datt dat wat mer haut diskutéieren an ofstëmmen net e Jugement iwwert d'Opportunitéit vun deene Saachen ass déi mer décidéiert hunn iwwert dee Budget, mä dat ass reng fir driwwer ze jugéieren, ob dee Budget, esou wéi e gestëmmt ginn ass an dëser Chamber, och exekutéiert ginn ass.

Dat heescht, wa mir als Gréng zu deem Gesetzesprojet haut géinge mat Jo stëmmen, da géinge mir net après coup dat zréckhuele wat mer gesot hu bei de Budgetsdebatten am Dezember 1999, wou mer géint de Budget vun 2000 gestëmmt hunn, da wiere mir nach ëmmer géint déi Décisioune gewiescht, déi 1999 geholl gi si fir d'Joer 2000, mä da géinge mer just wëlle feststellen, datt dat, wat deemools déi Chamber décidéiert huet, richteg, esou wéi d'Chamber dat hei décidéiert huet, exekutéiert ginn ass.

Et ass awer esou, dass mir eis enthale wäerten. Mir hätten hei duerchaus kënnen dofir stëmmen, mä mir wäerten eis enthalen, a ganz précisement wéinst deem Punkt, wou am Rapport och drop higewise gëtt, wou verlaangt gëtt, datt eigentlech hei bei dëse Konten hätt missen eng Anaylse économique bäigeluecht ginn iwwert d'Ursaache vun deenen héije Plusvaluen.

Elo seet den Här Haupert, et wier ganz schwéier fir déi opzestellen. Ech sinn der Meenung, datt, wann ee mol zréckbléckend kuckt ëm wat et sech do 1999-2000 gehandelt huet, wat fir eng Period dat war - an ech ka mech och erënneren am Kader vun de Budgetsdebatte fir d'Joer 2000 an och souguer fir d'Joer 2001, do hu mer vill do ronderëm diskutéiert -, da soen ech lech, dann hätt ee kënnen, wann een eng Analyse économique gemaach hätt, duerchaus erausfannen, wou déi Plus-valuen do hierkommen.

Mir wësse jo alleguerten, wann ech nëmmen dat als Beispill wëll eraushuelen, wat e groussen Deel ausmécht bei eise Recetten, datt bei den direkte Steieren de Gros vun de Recettë kommen duerch Steieren déi erakommen, déi ofhängeg sinn direkt an indirekt vum Finanzsecteur, zum Beispill. Bon, wann een elo kuckt wat 1999 lass war, wéi et op de Boursë geboomt huet, an ee gesinn huet, wat fir eng Resultater 1999 scho resultéiert hunn duerch d'Boome vun de Jore vun 1999, dann ass et relativ kloer, dann hätt een duerchaus kënne Chifferen, eiser Meenung no, virgesinn am Budget fir 2000, déi e bësse méi realistesch waren, wéi déi, déi bei de Recettë schlussendlech drastoungen; dat ass dat éischt.

Dat zweet ass, wéi gesot, ech fannen, wann een d'Recetten ëm 28 Milliarden, ech betounen, Milliarden aler Lëtzebuerger Frangen, ënnerschätzt, also iwwer 18% sinn d'Recetten ënnerschat ginn, dann ass dat net näischt, et geet hei net ëm kleng Prozentsätz. Wann dat dann de Fall ass, dann hätte mir op alle Fall gären, datt dat agehale gëtt, wat 1996 de Conseil d'État, och zu Recht menger Meenung no gesot huet, datt eng ganz prezis Analyse économique vun der Regierung maache gelooss gëtt, déi eis dann après coup, well do ass et jo duerchaus méiglech, beleet wouhier genau déi héich Feelaschätzung do bei de Recetten hierkomm ass.

M. le Président.- Här Bausch, erlaabt Der eng Fro vum Här Haupert?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Jo.

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Här Bausch, ech hat net gesot, déi Analys wier schwéier ze maachen. Ech hat just gesot, et wier am Virfeld schwéier gewiescht d'Ausmooss vun der Entwécklung richteg anzeschätzen. D'Analys ass ganz einfach. Ech mengen, wann ee kuckt wou déi Plus-valuen hierkommen, dat si jo lauter Steiere déi sech aus der onerwaarter Entwécklung vun der Wirtschaft erginn hunn. Ech hu gesot, datt et am Virfeld schwéier war, fir déi Recetten esou anzeschätzen, fir datt se méi no bei der Realitéit hätte kënne leien.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, mä ech wëll awer soen, datt et och wichteg ass datt mer déi Anayls dann hei bei de Konte bäigeluecht kréien, well déi Exercicen hei maache mer jo net nëmme fir d'Vergaangenheetsbewältegung, mä och fir eventuell an der Zukunft Feeler, déi gemaach gi si bei der Opstellung vu verschiddene Budgeten, respektiv bei Aschätzunge vu Recetten, net nach eng Kéier ze maachen. A virun allem am Joer 2000, also während dem Laf vun dem Exercice 2000, sinn eng ganz Rei Décisioune geholl gi vun der vergaangener Regierung, wou mir zum Beispill der Meenung waren, dass déi op engem gewëssenen Hannergrond geholl gi sinn an déi net onbedéngt esou waren, wéi mir se fir richteg fonnt hunn. Mä ech wëll awer net haut op déi Detailer agoen, well do kréie mer am Dezember bei de Budgetsdebatte genuch Zäit fir dat ze maachen. Mä ech mengen, wann een déi Analys bei de Konten an après coup huet, da kann een och bei zukünftege Budgetsdiskussiounen zumindest anescht bei der Aschätzung vu Recetten diskutéieren, wann et drëm geet, fir en neie Budget opzestellen.

Duerfir, wéi gesot, mir hätte gäre gehat, datt deem hei Rechnung gedroe gi wier an datt déi Analys bäigeluecht gi wier, virun allem bei deem Joer 2000; an dat ass och de Grond, firwat datt mer eis hei bei deem Projet de loi wäerten enthalen. Fir de Rescht, wéi gesot, wann dat geschitt wier, dann hätte mir fir dëse Projet de loi gestëmmt.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Dee leschte Riedner ass den Här Robert Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President, an ech wëll direkt enchaînéieren, well et grad esou gutt passt.

Dat géing jo dann zur Iwwerleeung féieren, well mer am Joer 2000 esou héich Plus-valuen haten, datt mer eigentlech missten de Steierbarème ëm e gudde Krack erofsetzen, woubäi mer eis awer alleguerten eens sinn, datt dat eng irrealistesch Aschätzung wier.

Ech wollt awer mat enger allgemenger Iwwerleeung ufänken, Här President. Den Exercice budgétaire fänkt evidenterweis mat der Opstellung vum Budget un an en hält op mat de Konten; an dat ass och eng Obligatioun, déi souguer an der Verfassung verankert ass. Am Artikel 104 vun der Constitutioun steet textuell: «Chaque année la Chambre arrête la loi de comptes et vote le budget.»

Do gëtt kee Joer genannt, mä d'Formuléierung, wann een dat esou liest, léisst awer keen Zweifel dru wat gemengt ass a wat d'Absicht vun de Pappen a Mammen - wann der dann derbäi waren - vun der Constitutioun war, nämlech am Laf vun de Joren, huele mer als Beispill d'Joer 2004, d'Konten - well déi ginn als éischt genannt - vum Joer virdrun, an dësem Fall 2003, ze stëmmen an duerno de Budget vum Joer wat kënnt, a mengem Beispill d'Joer 2005, ze stëmmen.

D'Loi des comptes ass eiser Meenung no mat Absicht virum Budget genannt a wann een dat esou interpretéiert, da si mer ganz kloer an Infraktioun mat eiser Constitutioun a mir musse kucken, datt mer dat iergendwann awer eng Kéier geännert kréien.

Och den Artikel 5 vum Gesetz iwwert d'Organisatioun vun der Cour des Comptes seet ganz däitlech: «En conformité avec le calendrier de la loi sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État, la Cour des Comptes établit chaque année un rapport général sur le projet de loi portant règlement des comptes généraux de l'État de l'exercice précédant.»

Ech mengen do weist sech och schonn de Wëllen, datt d'Chamber esou séier wéi méiglech soll iwwert déi Konte verfügen, och iwwert d'Commentairen an d'Objectioune vun der Cour des Comptes, fir deem kënne bei der Planung vun dem neie Budget Rechnung ze droen. Dat ass hei, soulaang wéi ech dësem sou genannten héijen Haus ugehéieren, nach ni de Fall gewiescht.

Et gëtt och an deemselwechte Gesetz am Artikel 1 gesot - an dat ass eppes wou ech méi am Detail wollt drop agoen: «La Cour des Comptes examine la légalité et la régularité des recettes et des dépenses ainsi que la bonne gestion financière des deniers publics.»

Ech mengen, dat wier eigentlech dat wou mer missten dee gréissten Accent drop leeën, «la bonne gestion financière». Do ass ganz vill Interpretatiounsspillraum dran. Schonn - an dat wësse mer -, wa mer duerch de Rapport vun der Cour des Comptes bliederen, bei der Legalitéit a Régularitéit fanne mer eng ganz Partie Problemer, déi regelméisseg optauchen a wou een och bis elo net konnt feststellen, datt et sollt vill besser gi sinn. Vläicht gëtt dat an deenen nächste Jore besser, wann d'Aktivitéit vun där neier Cour des Comptes sech - wat mer alleguerten hoffen - bemierkbar mécht.

An ech wollt - den Här Bausch huet dat schonn am Virfeld gemaach gehat - trotzdeem e puer Beispiller aus dem Rapport vun der Cour des Comptes erausgräifen, déi sech haaptsächlech op zwee Gebidder konzentréieren. Dat eent ass dat vun de Marchés publics, wou ëmmer an ëmmer erëm beklot gëtt - an et kann ee sech deem nëmmen uschléissen, och wa mer permanent Erklärunge kréien, woufir datt dat esou wier -, datt esou vill Marchés de gré à gré ofgeschloss ginn. Ech huelen déi lescht fënnef Joer: 1996 waren et 56, ech ronnen of, 56%, 1997 waren et der 63, du waren et der erëm 56 an 2000 sinn et der 59. Et kann ee soen, dat huet kee Wäert fir dat vill ze kommentéieren, et ass scho véier Joer hier, mä et gesäit een awer, datt an der Tendenz, wéinstens bis dohinner, keng Verbesserung dran ass.

An da virun allem déi lamentabel Geschicht vun de Marchés de gré à gré autorisés ex post, an dat ass nach eppes, wat een nu wierklech net kann akzeptéieren. De Minimum ass awer, datt déi Leit, déi dat wëlle maachen a mengen dat wier néideg, fir sech do iwwert d'Règles générales vun der Administration publique ewechzesetzen; et wier néideg, datt se dann awer an de Conseil de Gouvernement ginn a sech am Virfeld d'Autorisatioun froen, an net, wann alles gelaf ass, dann e Marché de gré à gré ex post autoriséiere loossen.

Ech wëll, Här President, well et mer uewe läit, soen: Mir kënnen hei iwwer Chifferen diskutéieren, kommentéieren an d'Ursaache sichen esou laang wéi mer wëllen, et fält eis ganz bestëmmt och vill dozou an. mir wëssen alleguer, datt mer net vill kënnen dorunner änneren. Wat eis um Häerz läit, dat ass, datt d'Gestioun vun den Deniers publics esou gutt wéi méiglech gemaach gëtt. Ech wëll un e puer Fäll awer nach eng Kéier hei däitlech maachen - ech hunn et jo gemaach -, datt d'Regierung et och un der néideger Konsequenz feele léisst wann et drëm geet fir d'Konsequenzen oder d'Konklusiounen aus esou Dérapagen ze zéien.

Dat Eent ass e Fall, deen iwwert d'Televisioun gaangen ass, dee bal all Mënsch am Lëtzebuerger Land konnt kucken, wou am Centre Neumünster Bürosdëscher ausgeschriwwe gi sinn, esou am Detail, an dat ass och op der Televisioun gewise ginn, datt jiddferee gesinn huet, datt do ee ganz bestëmmte Produit a soss guer näischt aneschters viséiert war. Op Interventioun vun der Televisioun, déi dat natierlech gefilmt huet a mat de Leit wollt schwätzen, ass dann du séier dee Marché annuléiert ginn.

Ech hu mer erlaabt eng Question parlementaire ze stellen, well ech gesot hunn: Dat ka jo net sinn, datt do einfach stillschweigend driwwer ewechgaange gëtt. Här Minister, ech géing lech wierklech un d'Häerz leeën, d'Äntwert op déi Question parlementaire ze liesen. Dat ass esou bëssen dat, wat mer gëschter hei diskutéiert hunn, wou wierklech de Geck mat den Deputéierte gemaach gëtt. Hei ass manifeste, datt probéiert ginn ass e bestëmmte Produit ze huelen. Et muss dee sinn, egal wéi. Ob e besser ass oder manner gutt wéi en aneren, dat kann ech net beuerteelen. Mä hei ass Favoritissem am Spill gewiescht, et ass eng Ongesetzlechkeet am Spill gewiescht, well do stoung ganz genau, do an do mussen esou vill Lächer sinn an d'Plaque, wou et ënnen opsteet, déi däerf keng sechs Millimeter déck sinn, mä muss siwe Millimeter déck sinn an esou weider.

Fait ass, datt den deemolege Minister vun den Travaux publics sech viru seng Verwaltung gestallt huet, an datt näischt geschitt ass. Dat, mengen ech, kënne mer net zouloossen!

En anere Fall ass e ganz gravë Fall ënnert der Tutelle vum Ministre de l'Agriculture, wou den Office du Remembrement zweemol eng Adjudication publique annuléiert huet, duerno awer refuséiert huet - wat d'Gesetz virschreift -, deenen, déi do ofgewise gi sinn, déi matgemaach haten an där Adjudication publique ze justifiéieren, wuerfir datt déi Adjudication publique annuléiert ginn ass. Et war nämlech gesot, d'Präisser wieren exzessiv gewiescht par rapport zu hirem Devis.

Déi Geschicht ass op d'Verwaltungsgeriicht komm: éischt Instanz, zweet Instanz. Dunn huet de Ministère eng nei Décisioun geholl. Du geet et erëm eng Kéier op d'Verwaltungsgeriicht, éischt Instanz, zweet Instanz. Véiermol huet de Lëtzebuerger Stat verluer. De ganze Prozess huet de Lëtzebuerger Stat Geld kascht a wann deen Entrepreneur, deen do zu Onrecht ofgewise ginn ass, Schuedenersatz freet, da kascht dat nach eng Kéier. Dee Fonctionnaire, deen däerf roueg virufueren. De Minister stellt sech virun hien. Dat si Saachen, wou öffentlech Gelder verschleidert ginn, wou mir och als Parlament, wat d'Kontroll huet, net méi dierften nokucken!

Eng aner Affär ass déi vun der Place de l'Europe, wou et och ëm e grousse Marché geet, wou Konditiounen an d'öffentlech Ausschreiwung geschriwwe gi waren, wou déi meescht Lëtzebuerger Entreprisen net grouss genuch ware fir iwwerhaapt däerfe matzemaachen, wat awer manifestement net justifiéiert war. Och do hunn ech op eng Question parlementaire eng Äntwert kritt, déi manifestement falsch ass, erëm eng Kéier fir déi Leit, déi dat gemaach hunn, ze schützen.

Här President, dat si Saachen, déi mussen engem ze denke ginn an déi schéngen eis méi wichteg ze sinn - de gudde bewosst sorgfältegen Ëmgank mat den öffentleche Gelder - wéi heiansdo ze kucken: Wéivill huet d'Regierung dann elo d'Recetten iwwerschat oder ënnerschat. Dat ass en Exercice, dee ganz sécher net einfach ze maachen ass.

Ee Wuert zu deem, wat den Här Bausch och nach hei ugesprach hat, wat d'Comptables extraordinaires ubelaangt. Dat ass och eppes, wat een eigentlech net versteet. Trotz allen Erklärungen, déi mer kréien, alle Versécherungen, datt et awer iergendwéi an Zukunft géing besser goen, do si Fongen, an zwar 1.555 Kreditter, déi deene Leit uvertraut sinn, mat engem Montant vu 6,340 Milliarden am Ganzen, déi iwwer Comptables extraordinaires gelaf sinn, an da gesi mer, datt 42 Comptables, mat enger Zuel vun 288 Kreditter, insgesamt 273 Milliounen net ofgerechent hunn. A mir liesen duerno, datt nach Konten zënter 1990 net ofgeschloss sinn; dat läit dann zéng Joer zréck. Et sinn 188 Konte mat engem Betrag vun 390 Milliounen, déi ëmmer nach net ofgeschloss sinn. Dat ass eppes, dat versteet een net.

Ech mengen, wa Leit, déi am Déngscht vum Stat stinn, öffentlech Gelder uvertraut kréien, da kann een dûment vun hinnen erwaarden, datt se an engem räsonnabelen Délai hir Ofrechnung presentéieren. Dat ass eppes, domadder kann een einfach net d'accord sinn a mir si jiddefalls der Meenung, datt do iergendwellech Sanktioune mussen ergraff ginn, fir déi Leit, déi sech wierklech hirer Aufgab do entzéien, zur Raison ze bréngen. Souwäit wat d'Legalitéit an d'Regularitéit ubelaangt.

Ech kommen op d'bonne gestion financière nach eng Kéier, op déi Notioun. Mir mengen, dat misst eng Gestion en bon père de famille si vun den öffentleche Gelder. Wat heescht dat? Wéi gesot, respektvoll mat de Steiergelder ëmgoen. Virun allem keng onnëtz Ausgaben an Investissementer. Wann investéiert gëtt, de But vun der Investitioun mat deem geréngstméigleche Käschtepunkt erreechen. Beim Investissement selwer dofir suergen, datt bei deem gewënschten Objet oder Service dee gënschtegste Präis den Zouschlag kritt. An do si mer derbäi. Wéi mer d'Chambre des Comptes deemools reforméiert hunn, hu mer ëmmer gesot kritt - bei esou Visiten am Ausland an et ass och eng europäesch Notioun, déi dräi Eën -: Effikassitéit, Ekonomissitéit an Effizienz. Ech mengen, wa mer et géinge fäerdeg bréngen e bëssen dat Denken an der Ofwécklung vum Budget beim Stat duerchzesetzen, da wiere mer vill méi wäit.

- Effikassitéit: Ech mengen et muss an Zukunft och der Cour des Comptes erlaabt sinn, fir hir Kontroll doriwwer auszeféieren, ob oder wéi wäit bei enger Moossnam dat viséiert Zil erreecht ginn ass.

- Ekonomissitéit: Ob an engem Projet oder enger Moossnam déi ekonomesch sënnvollst Solutioun oder Variant gesicht ginn ass.

- An Effizienz: Ob de Stat, fir e Problem ze léisen, déi Solutioun gesicht huet, wou de Rapport Käschten, engersäits, a Resultat, anersäits, dee beschtméiglechen ass.

Mir si jiddefalls der Meenung, datt een den Aktiounsradius vun der Cour des Comptes, wéi gesot, déi an hirem Artikel 1 stoen huet, datt se d'bonne gestion financière de l'État ze kontrolléieren huet, datt een den Aktiounsradius vun der Cour des Comptes misst ausweiden, wann dann do bei der Interpretatioun vun der Terminologie sollt e Problem bestoen. An do soll een och keng falsch politesch Angscht opbréngen. Ech mengen, et wier och am Intérêt vum Législateur emol eng Kéier vun der Cour des Comptes gesot ze kréien: Hei, Dir hutt do e Gesetz gestëmmt; Dir waart vläicht gudder Intentioun, mä d'Resultat, wat Der erreecht hutt, ass laang net dat, wat Dir lech vläicht ausgerechent hat.

Ech mengen, da soll een dat zur Kenntnis huelen. Dat ass jo awer positiv an et soll een net elo fäerten: Oh, elo kréie mer iergendwann e Fanger gemaach, wann dat da vläicht net esou just ausgeet wéi mer eis et geduecht haten. Et ass un der Politik fir ze definéieren, wat zum Beispill um infrastrukturelle Plang realiséiert soll ginn. Dobäi mussen d'Besoine respektiv d'Programmer vum Législateur kloer definéiert ginn. Mir mussen der Cour des Comptes awer d'Méiglechkeet gi legal a materiell, fir ze kontrolléieren, ob déi vun der Chamber décidéiert Moossnamen zu deem gënschtegste Käschtepunkt realiséiert gi sinn.

Mir sinn als ADR jiddefalls der Meenung, datt esou eng Approche och als Kontroll scho während der Realisatioun eis kënnt hëllefen, fir als Stat vill Geld ze spueren. Ofschreckend Beispiller gëtt et genuch, wéi mer dat just a leschter Zäit leider Gottes an der Comexbu, der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire, ëmmer erëm erlieft hunn.

Eng Méiglechkeet, fir datt dës Zort vun Dérapagë wäitgehendst kënnten évitéiert ginn, wier d'Stäerkung vun der Cour des Comptes an deem Sënn. Natierlech bezitt dat sech net nëmmen op Investissementer, mä och op all aner Zorte vun Dépensen, bis an de Fonctionnement vum Statsapparat eran. Dat ass jiddefalls méi sënnvoll, si mir der Meenung, wéi fir hei ex post Zuele vun engem Exercice budgétaire zur Kenntnis ze huelen oder am beschte Fall ze kommentéieren.

Här President, ech hale meng Zäit an an ech halen elo op. Ech wëll lech just soen, datt mir dee Budget do net gestëmmt haten, datt mer mat de Konklusioune vum Rapport awer kënnen d'accord sinn, wéi anerer hei och, an datt mir eis aus deem Grond beim Vote wäerten enthalen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun ass domadder ofgeschloss. D'Wuert huet elo nach d'Regierung, den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.*- Här President, zwou, dräi Remarquë ganz kuerz, déi éischt fir ze soen, datt, wat déi éischt Remarquë vum Här Mehlen ubelaangt iwwert den Délai an d'Verfassung, géing ech just drop hiweisen, datt dëse Kont déposéiert ginn ass ënnert deem ale Kontabilitéitsgesetz, also virun 1999, an deemools gouf et keen Délai fir deen Dépôt vum Kontegesetz. Ech wëll drop hiweisen, datt mer an deem neie Kontabilitéitsgesetz vum Joer 1999 déi Délaie vum Dépôt vun de Konte ganz no, no der Clôture vun de Konte gemaach hunn.

Ech weisen drop hin, datt de Kont vum Joer 2002 am Juni 2003 déposéiert ginn ass an datt de Kont vum Joer 2003 am Juni 2004 gemaach ginn ass. Et läit also an den Hänn vun Ärem Parlament fir dee Kont ze stëmmen, souguer an éischter Lecture. Also dee vun 2002 an 2003 kënnt Dir stëmmen och virun dem Budget vum nächste Joer. Dir hutt all d'Elementer op Ärem Dësch, Dir kënnt en diskutéieren. Ech wëll also hei drop insistéieren, datt d'Regierung do hiren Aufgaben nokomm ass.

Zweetens, déi Remarquë vum Här Bausch iwwert d'Analyse économique: Also ech menge wierklech am Exercice 2000 brauch een net säitelaang Analyses économiques ze maachen. Do kann een natierlech nach Leit astellen, déi och nach déi Aarbecht maachen, mä et brauch een awer nëmmen ze kucke wou dann déi Excédentë vun de Recetten hierkommen.

Ech mengen, wann ech meng Budgetsrieden nach gutt am Kapp hu vun deene Joeren duerno, well et ass jo schonn eng gewëssen Zäit wou ech de Budget maachen, nämlech vum Februar 1998 un, dann hu mer à itérative reprise drop higewisen, datt d'Joer 2000 en extraordinäert Joer war, virun allem duerch zwee, dräi Facteuren. Dat eent ass nämlech d'Evolutioun vun de Bourssen, wat eng enorm Inzidenz hat op d'Taxe d'abonnement, déi doduerch ëm bal 8 Milliarde méi Recetten erabruecht huet. Hätte mer iwwregens - an dat ass fir wann een dat virdru vläicht nach méi analyséiert hätt - déi sou héich agesat, da soen ech lech, datt mer déi Joren duerno nach méi grouss Schwieregkeete gehat hätten, well mer hunn ëmmer gesot: Dat ass en extraordinäre Phenomeen an duerfir soll een déi Taxe d'abonnement net op deem Niveau aschreiwen.

Nach haut hu mer duerchaus manner an der Taxe d'abonnement wéi mer deemools haten. Deemools hate mer - et ass fir d'lescht wou mer an deenen ale Lëtzebuerger Frange schwätzen - 18 Milliarden; mir hunn am Budget vum leschte Joer mengen ech 350 Milliounen Euro agesat. Do gesitt Der, nach vill manner wéi am Joer 2000, also viru véier Joer.

Zweete Phenomeen war déi staark Croissance vun der Masse salariale, vun der Population active am Joer 2000. Déi ass deemools ëm ongeféier 6% eropgaangen, net exzeptionell staark, an duerfir war et normal, datt deemools den Impôt sur le revenu des personnes och esou eropgaang ass ëm eppes 5 Milliarden.

Deen drëtte Phenomeen, dat war d'Hausse vun de Pëtrolspräisser. Och deemools gouf et eng Hausse vun de Pëtrolspräisser an déi huet sech direkt op d'Accisë reflektéiert an déi ass och ëm ongeféier 5 Milliarden eropgaangen.

Wann een déi dräi Posten zesummesetzt, et kann een natierlech och nach fënnef Säiten driwwer schreiwen, mä do ass d'Analyse économique awer bei deem dote Joer relativ liicht gemaach, an ech insistéieren nach eng Kéier drop: dat waren exzeptionell Phenomeener. An duerfir soen ech drëttens, ech mengen et war gutt fir d'Land an et war gutt fir déi, déi fir de Budget zoustänneg waren, datt et esou vill Recettë gi sinn, an ech géing mir nach vill Konte wéi déi vum Joer 2000 wënschen.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder wär d'Diskussioun definitiv ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 4938.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4938 ass ugeholl mat 34 Jo-Stëmmen a 25 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Norbert Haupert), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Michel Wolter), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Charles Goerens), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Emile Calmes), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner.

Se sont abstenus: MM. Marc Angel (par M. Roland Schreiner), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

D'Abstentioune sinn zur Genüge begrënnt ginn hei uewen, sou datt mer domadder um Ofschloss wäre vun eiser Sitzung.

Erlaabt mer awer, léif Kolleegen, nach ee Wuert ze soen. Déi, déi d'lescht Legislaturperiod schonn hei waren, déi wëssen, dass mäi Virgänger e wéineg allergesch op d'Handyen hei am Haus war. Haut de Mëtteg ass relativ vill heibannen eran an eraus telefonéiert ginn. Ech géif drëm bieden, dat an Zukunft, esou wéi mäi Virgänger dat ëmmer gewënscht huet, op de Minimum ze beschränken, wann net ganz ze ënnerloossen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.48 heures)

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un